

Molconcours

Den Internationale Festival vun der BD zu Conter an d'Luxemburger Wort lancéieren dëst Joer e Molconcours fir Kanner a Jugendlecher tëschent 7 a 17 Joer. D'Thema vun dësem Concours ass d'Kreatioun vun engem neie lëtzebuergesche Superheld.

D'Zil vum Concours ass eis jonk Talenter ze valoriséieren an hinnen eng Plattform unzebidden fir hier Kreativitéit auszedrécken an ze weisen. All Technik ass erlaabt, ob a schwaarz-wäiss oder a Faarwen, de Superheld muss op enger Affiche mam Format A4 presentéiert ginn.

D'Aarbechte gi während dem Internationale Festival vun der BD zu Conter, den 20. an 21. Juli 2019, ausgestellt an d'Gewënner gi vum Luxemburger Wort kontaktéiert.

Fir mat ze maachen ass ganz einfach ! Fëll de Participatiounsformulaire a schéck e mat denger Aarbecht mat der Post un den Internationale Festival vun der BD zu Conter.

Dass d'artistesch Stärkt op denger Säit ass ! A vill Gléck !

Reglement

Konditioune fir mat ze maachen

- De Concours ass oppe fir all mannerjäreg Persoun tëschent 7 a 17 Joer
- Den Accord am Virfeld vu sengem rechtliche Vertrieeder ass obligatoresch
- De Participant muss am Lëtzebuerg Land wunnen.

De Concours leeft a folgenden Alterskategorien of :

- 7-12 Joer
- 13-17 Joer

Wéi mat maachen ?

D'Aarbechte mussen :

- Bis spëtstens de 15. Juli erageschéckt sinn un d'Adress 4, place de la Mairie, L-5310 Contern
- Am Format A4 gemaach sinn
- Dem Thema entspreche wat virginn ass (deemno muss de Superheld den Haaptdeel vun der Zeechnung sinn)

All Technique sinn erlaabt : Pastellfaarwen, Stëfter, Waasserfaarwen, Molerei, Bläistëft,

D'Zeechnung ka schwaarz-wäiss oder faarweg sinn.

De Participatiounsformulaire ass op d'Recksäit vun der Zeechnung ze pechen.

Déclaration sur l'honneur

D'Participanten vum Concours erklären heimat offiziell dass si den Auteur vun der virgestallter Aarbecht sinn.

Praktesch Organisatioun vum Concours

D'Membere vum Jury gi vum Internationale Festival vun der BD zu Conter an dem Luxemburger Wort ausgewielt. D'Entscheidung vum dësem Jury kënnen net ugefecht ginn.

Präisser :

- 2x4 gratis Entréeë fir an den Europa-Park zu Rust
- Eng sëllegechen Trouschtpreisser

Jury

De Jury selektionéiert d'Gewënner, déi vum Luxemburger Wort kontaktéiert ginn.

Präisiwwerreechung

D'Präisiwwerreechung fënnt an der Redaktioun vum Télécran statt.

Vum Concours ausgeschlossenen Aarbechten

D'Zeechnungen bei deenen de virschrëftsméisseg ausgefëllten an ënnerschriwwene Participatiounsformulaire feelt an Zeechnungen, déi dem Format A4 oder dem Thema net entspriechen ginn als ongëlteg ugesinn.

Publicitéit a Verwendung vun den Zeechnungen

De Festival, d'Luxemburger Wort an den Télécran hale sech d'Recht fir, bei de rechtliche Vertrieeder vun de mannerjärege Participanten/Gewënner d'Autorisatioun ze froen, fir op egal wéi engem Support an op et Publicitéitszwecker oder aneren déngt, um Internet oder net verëffentlecht gëtt, den Numm, Virnumm, Zeechnung oder Foto vum Participant ze publizéieren ouni dass dës eng finanziell Géigeleeschtung verlaange kënnen.

D'Aarbechte bleiwen den Eegentum vun den Organisateuren. Dës hale sech d'Recht fir, d'Zeechnungen auszestellen an ze publizéieren. Keng Zeechnung gëtt un de Participant zréckginn.

Dateschutz

Konform zu de Reglementer a Kraaft sinn d'Informatiounen, déi am Kader vum Concours gesammelt ginn ausschliisslech fir d'Organisateuren bestëmmt. Dës erklären d'Donnéeën net un Drëtter weider ze ginn a se fir keng aner Zwecker wéi fir d'Iwwerreechung vun de Präisser un d'Gewënner vum Concours ze benotzen.

Konform zu dem geännerte Gesetz vum 2. August 2002, betreffend de Schutz vun de Persounen an Hisiicht op d'Veaarbechtung vu perséinlechen Daten, besëtzt all Participant d'Recht op Accès, Rektifikatioun a Läschtung vun den Daten, déi hie betreffen. Hie ka vun dësem Recht Gebrauch maachen, andeems e sech schrëftlech un den Internationale Festival vun der BD zu Contern richt (4, place de la Mairie, L-5310 Contern oder info@bdcontern.lu).

Unhuele vum Reglement

D'Participatioun um Concours setzt viraus, dass een dat virleiend Reglement a senger Gesamtheit akzeptéiert.

Modifikatioun vum Reglement

D'Organisateuren hale sech d'Recht fir, de Concours ze modifizéieren, ofzebriechen, ze verleeën oder ze annulléieren oder d'Natur vun de Präisser ze modifizéieren wann d'Ëmstänn dës verlaangen.